



15. la loi du 15 juillet 2011 visant l'accès aux qualifications scolaires et professionnelles des élèves à besoins éducatifs particuliers;

16. la loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale;

17. la loi du 7 juillet 2016 portant introduction du cours commun «vie et société» dans l'enseignement secondaire et secondaire technique

18. la loi du XX XX XXXX ayant pour objet l'organisation de la Maison de l'orientation

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

7075 - Projet de loi portant création d'un Observatoire national de la qualité scolaire

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

7076 - Projet de loi portant sur le développement curriculaire de l'Éducation nationale et modifiant

1. la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire général;

3. le Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

7077 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet 1. la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; 2. la création d'un «Centre de Gestion Informatique de l'Éducation»; l'institution d'un Conseil scientifique

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

7078 - Projet de loi portant

1. organisation de la reprise des enseignants de religion et des chargés de cours de religion prévue par la Convention du 26 janvier 2015 entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Église catholique du Luxembourg concernant l'organisation du cours commun «éducation aux valeurs» sous le régime de l'employé de l'État;

2. modification de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

3. modification de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

4. abrogation de la loi du 10 juillet 1998 portant approbation de la Convention du 31 octobre 1997 entre le Gouvernement, d'une part, et l'Archevêché, d'autre part, concernant l'organisation de l'enseignement religieux dans l'enseignement primaire

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

7079 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;

2. de la loi du 13 juillet 2006 portant réorganisation du centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

3. de la loi du 16 mars 2007 portant 1. organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue 2. création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation;

4. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;

5. de la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle;

6. de la loi modifiée du 12 mai 2009 portant création d'une École de la 2^e Chance;

7. de loi du 18 mars 2013 relative aux traitements de données à caractère personnel concernant les élèves;

8. du Code de la sécurité sociale

Dépôt: M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, le 19.10.2016

2) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées:

726 - Demande de pétition publique: Développer la technique de thermoablation et sa prise en charge au Luxembourg afin d'éviter l'ablation thyroïdienne

Dépôt: Mme Anna Christen, le 06.10.2016

727 - Demande de pétition publique: Installation d'un système de barrière automatique au parking

Hôtel de Ville à Ettelbruck

Dépôt: M. Jerry Le Vaillant, le 10.10.2016

728 - Demande de pétition publique: Grátis éffentlechen Transport OCH fir Studenten

Dépôt: M. Jean Wivenes, le 13.10.2016

729 - Demande de pétition publique: Demande d'octroi de la classe d'impôt 2 aux familles monoparentales

Dépôt: Mme Nuria Iturralde, le 18.10.2016

730 - Demande de pétition publique: Fir eng steuerlech Entlaaschtung vun den Elengerzéier/innen (familles monoparentales)

Dépôt: M. Jean Heuschling, le 19.10.2016

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. 7069 - Proposition de révision de l'article 29 de la Constitution

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 13. Oktober 2016 huet d'Präsidentekonferenz d'Proposition de révision vum der Constitution Nummer 7069, déi den Artikel 29 vun eiser Verfassung soll ofänneren an déi hei den 11. Oktober 2016 vum Här Fernand Kartheiser deponéiert gouf, als recevabel unerkannt.

Ass d'Chamber och do bereet, d'Présidentekonferenz ze suivéieren?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

5. Ordre du jour

Den Ordre du jour kennt Der. Zënter der Präsidentekonferenz ass proposéiert ginn, firdeen Ordre du jour, deen duerch d'Présidentekonferenz gaangen ass, duerch d'Erklärung zum Stand vum Dossier CETA ze ergänzen.

Ass d'Chamber mat där Proposition d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zur Deklaratioun vum Här Ausseminister iwwert de Stand an déi nei Entwécklungen am Dossier CETA iwwergoen. All Fraktioun a Sensibilitéit huet eng Riedezäit vun zéng Minutten. An den Här Ausseminister huet déi Zäit, déi e fir néideg empfënnt, fir den Dossier ze erklären. Här Ausseminister Jean Asselborn, Dir hutt d'Wuert.

6. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, sur la décision du Conseil concernant le «Comprehensive Economic and Trade Agreement (CETA)», suivie d'un débat

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Merci, Här Président. Ech géif vläicht ufänke mat der Fro: Wat charakteriséiert CETA, den Handelsaccord tëschent der Europäescher Unioun a Kanada?

CETA ass deen éischte Fräihandelsaccord, deen d'Europäesch Unioun mat engem Member vun dem G7 ofschléist. Et ass gläichzäitig deen émfassendsten Accord, deen d'EU bis dato verhandelt huet. CETA regelt den Handel, wéi mer wëssen, vu Wueren, vu Services tëschent Kanada an Europa a baut eigentlech op dräi grouse Pilieren op: dem geregelten Zougang op d'Marchéen, der Zesummenaarbecht dann am Beräich vun der Reguléierung, den technischen Normen, a schliisslech dem Austausch vun Investissementer.

CETA ass a mengen Aen e wichtege Accord, well och d'Kanadier e strategesche Partner sinn, wéi kaum en zweeten, fir d'Europäesch Unioun. A mir sinn als Europäesch Unioun zwéngend - zwéngend! - op Partner ugewise wéi Kanada, fir da mat um Dësch fir fair Regeln ze kämpfen, fair Regeln, fir e staarke Kader ze setzen - an dat ass fir mech dat Allerwichtigst -, deen d'Globaliséierung an déi richteg Richtung bréngt.

Mir hunn als Europäesch Unioun elo nach 22% vum weltwäite Bruttosozialprodukt. Nom Brexit wäerten et der nach 18% sinn. Et dierf een also net vergiessen, dass aner Länner a Regiounen amgaange sinn, mir wëssen dat, regional Accorden auszuhandelen. An déi hunn zum Deel ganz aner Usichten, wat zum Beispill d'Aarbechtsrecht ugeet, wat den Émweltschutz ugeet oder wat d'Konsumenterechter ugeet, fir nëmmen dat ze nennen.

Entweder also mir bestëmme mat oder mir kucken no, wéi anerer iwwer eis bestëmmen!

Et ass villes, wat an de leschte Jore vu verschiddene Säiten a speziell och vun der Zivilgesellschaft

gefrot ginn ass, an de CETA-Pakt agepaakt ginn, sief et virun allem déi nohalteg Entwécklung, sief et d'Aarbechtsrechter oder de Konsumenteschutz. Mir hunn eis doduerch en Instrument ginn, un deem manner déi grouss Multie profitéieren, mä wouduerch d'Benefisser vum fräien Handel allgemeng net am Widder-sproch stinn zu eisen europäesche Gesellschaftsmodeller a wou vill Mëttel- a Klengbetreiber eppes dovunner hunn. Dat ass d'Definition vun engem Fräihandelsaccord vun der neier Generatioun.

Déi grouss Eckpunkte si folgend: Duerch d'Ewechfale vun den Zolltariffer spueren eis Entreprises all Joer 470 Milliounen Euro, Suen, déi kënne fir Investissementer, aner Investissementer geholl ginn. Eis Betriber kënnen endlech matmaache bei den éffentlechen Ausschreibungen a Kanada, an dat och um Niveau vun de Provënzen. Ech soen „endlech“, well déi kanadesch Firmen deesen Zougang an Europa scho längst hunn. Duerch CETA kann dëst Ongläichgewicht opgehewe ginn. An dat ass deen éischten internationalen Accord, an deem Kanada esou eng Ouverture mécht.

Dobäi muss een awer och erwänen, dass d'Europäesch Unioun a Kanada éffentlech Ausschreibungen no ekologeschen oder soziale Kritäre kënnen bestëmmen. An op deem Punkt ännert CETA näischt par rapport zu haut.

Och ginn duerch CETA eng 145 sougenannten „indications géographiques“ geschützt. Dat heescht, dass traditionell europäesch lesswueren, Gedrénks net kënnen als kanadesch Kopie verkaaft ginn. Och dat ass eng Première an Nordamerika.

Mä doriwwer eraus sinn, mengen ech, awer déi folgend Punkten, Här Präsident, déi iwwert deene wirtschaftlechen Interesse stinn, wäit iwwert deene wirtschaftlechen Interesse stinn, nach vill méi wichteg:

Fir d'Éischt emol d'Recht, Gesetzer ze erloossen, op Englesch „the right to regulate“. D'Europäesch Unioun a Kanada kënne weiderhin ouni Restriktioun déi Gesetzer unhuelen, déi si fir richtig a fir wichteg fannen, fir d'Ziler vum Wuel vun der Allgemengheet ze erreechen. D'Lëscht vun de Politikberäicher, déi hei opgeziet ginn - Émweltschutz, Konsumenteschutz, Gesondheetspolitik, Éducation, Sécherheet, Sozialpolitik -, déi ass net zou, déi ass erweiterbar. Dat steet - fir Leit, déi jo genoe wëlle wëssen, wou et am Text steet, duerfir soen ech dat -, op verschiddene Plaze: Et steet an der Präambel, Artikel 8.9, Artikel 23.2 an Artikel 24.3.

Déi zweet Saach ass: D'Zesummenaarbecht am Beräich vun der Reguléierung, dat heescht zum Beispill technesch Normen oder Tester, ass an engem fräiwëllege Kader ze gesinn - Artikel 21.2.6 - an zum anere geschitt se um Niveau vun de Régulateuren. Bei eis ass dat den ILNAS. Dat heescht, hei gi keng politesch Entscheedunge getraff. Dat maache weiderhin d'Regierungen an d'Parlamenten. A wann ee seet: „D'Zesummenaarbecht ass fräiwëlleg“, da betrëfft dat souwuel den Dialog tëschent de Régulateuren u sech, mä awer och d'Émsetze vun eventuelle Resultater.

Ee ganz wichtege Punkt sinn d'effentlech Services. D'Staten op allen Niveauen - also och bei eis um Niveau vun de Gemengen - kënne weiderhin d'effentlech Services esou organiséieren, wéi si dat fir richtig halen. An et gëtt och preziséiert, dass Recommunaliséierungen zu all Moment méiglech sinn. Op Lëtzebuergesch heescht dat: Wann ee Service op enger Gemeng liberaliséiert gi war an e soll erëm zréckgefouert ginn an d'effentlech Hand, dann ass CETA keng Hemmnis, fir dat ze maachen.

D'Regierung ginn och net dovunner ofgehale, nei éffentlech Services unzëbiden oder Services als éffentlech ze erklären. Et sinn d'Regierungen, déi decidéieren, ob et en éffentleche Service ass oder net.

Zu den éffentleche Services am Sënn vum CETA gehéieren zum Beispill och den éffentleche Wunnensbau oder sozial Dénsgschteeschtungen. Och hei, déi, déi dat net gleewen, müssen dat liesen op der Sait 1.294 ënner „public utilities“ Annex II, Artikel 8.15, Artikel 9.7 an Artikel 18.3. Also, ech liesen elo hei net dat Neit Testament vir, mä et ass esou.

(Hilarité)

Investitiounsschutz: An dësem Kapitel sinn e puer besonnesch erwänenswäert Punkte festzhalen. Esou gëtt zum Beispill den „right to regulate“ nach eng Kéier ënnerstrach, Artikel 8 Absatz 9 Ziffer 1. Auslännesch Investore ginn net besser behandelt wéi einheimesch Investoren. D'Gesetzer kënne geännert ginn, och wann doduerch d'Gewënnerwaardunge vum Investor negativ beträff sinn.

Also, wichteg, nach eng Kéier, Artikel 8 Absatz 9 Ziffer 2: All Gesetzer kënne geholl ginn an et ka kee kanadesche Betrib op Lëtzebuerg

kommen a soen: „Duerch dat Gesetz, wat d'Chamber elo hei gestëmmt huet, hu mir manner Benefiss a mir kloen.“ D'Bréifkëscht-firme kënne keng Klo erhiewen, Artikel 8.1.

D'Riichtere vum Investitiounsgerichtshaff müssen déiselwecht Qualifikatioun hu wéi déi an hirem Heemechtsland, Artikel 8.27.4. Fir kënne Riichter ze sinn, si strikt ethesch Regeln ze respektéieren fir d'Onofhängegkeet an d'Objektivitéit, a si verhënnere esou Interessenskonflikter.

Kanada an d'Europäesch Unioun verflachte sech zu engem Monitoring vum ICS, also vun deem neie Gericht, fir iergendwelch Schwieregkeete méiglechst schnell ze behiewen. Déi zwou Parteien verflachte sech, direkt mat den Aarbechte vun engem Code de conduite fir d'Riichteren unzefänken - an Dir erënnert lech un déi Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn an der Chamber, déi Dir gestëmmt hutt an der Chamber am Juni, wou dat kloer drasteet -, mat dem Zil, dës Aarbechten ofzeschlëssen, eier de CETA a Kraaft ass.

Et dierf een och hei net vergiessen, ëm wat et eigentlech geet. Mat der europäescher Reform vum Investitiounsschutz, deen d'Kanadier am Nachhinein akzeptéiert hunn, nodeems d'Verhandlungeschon ofgeschloss waren, hu mer et fäerdegruecht, vun engem privatrechtleche Konzept vun Investitiounsschutz zu engem éffentlech-rechtleche System ze kommen, deen et erlaabt, déi privat Schiidsgerichter ofzeschaffen.

Mir hu mat dem ICS e System op d'Bee gestallt, wou d'Verhandlungen éffentlech an transparent oflafen, wou d'Staten an net d'Firmen onofhängeg Riichter eraussichen a wou schliisslech och d'Méiglechkeet vun engem Appell virgesinn ass, wou et och ausgeschloss ass, dass duebel Kloe lafen, wat beispillsweis de Fall ass bei Vattenfall. Vattenfall huet ugefaangen, éffentlech-rechtlech, also op den normale Gerichter, ze kloen, ass do net virukomm, huet dunn den ISDS, déi privat Schiidsgerichter ugeruff, an d'Resultat ass, dass bis haut nach keng Décisioun do ass. Déi éffentlech-rechtlech (veuillez lire: privat) Schiidsgerichter, ech soen et nach eng Kéier, verschwannen heimadder. Dat alles huet, wéi gesot - also dee System hei -, näischt méi mat dem System vun de private Schiidsgerichter ze dinn.

Nohalteg Entwécklung: An dësem Kapitel gëtt ënnerstrach, dass Kanada an d'Europäesch Unioun sech der nohalteger Entwécklung säit Laangem verflacht hunn.

Dann eppes och ganz Wichtige, ech hu gesot, et sinn net nëmmen d'Benefisser, déi hei considéiert ginn, mä och de Schutz vun den Aarbechtsrechter. D'Aarbechtsgesetzer kënnen net ofgeschwächt ginn, Artikel 23.4, fir Investitiounen unzeseien. Deemo gëtt de Sozialdumping kloer am Text ënnerbannen.

Kanada ass amgaang, déi lescht vun den aacht ILO-Konventionen - also ILO, dat heescht OIT, Organisation internationale du travail -, ze ratifizéieren. D'Vertragsparteie verflachte sech och, dës Konventionen effektiv ëmzesetzen. Et bleift net bei enger renger Absichtserklärung. Insgesamt ass dese Punkt ee vun de wesentleche Merkmalen vun de Fräihandelsaccorde vun där neier Generatioun.

Et geet net nëmmen, ech soen et nach eng Kéier, ëm wirtschaftlech Benefisser fir Betriber oder fir Investisseuren, mä och ëm d'Rechter vun den Aarbechter! Et sinn dës Kapitalen, déi ausschlaggebend si fir eis Kreditibilitéit als Europäesch Unioun, wa mer soen: Mir wëllen eis Wäerter erausdroen a mir wëlle matbestëmmen iwwert d'Regelen am Welthandel.

Nächste Punkt: den Émweltschutz. Béid Parteien kënnen hir Émweltschutzgesetz esou änneren, wéi si dat fir richtig fannen, Artikel 24.3. Mä Émweltstandarden dierfen net erofgesat ginn, fir Investitiounen unzackelen, Artikel 24.5. Schliisslech erwänt dese Paragraf och nach d'Engagementer vu Kanada a vun der Europäescher Unioun, fir gemeinsam un der Émsetzung vun dem Paräiser Klimaaccord ze schaffen.

Dann ee Punkt, eng Clause de révision - op Lëtzebuergesch fannen ech do kee richteg Wuert, mä dat kënn nach -, d'Matabezie vun allen Interessevertreder: D'Gewerkschaften, d'Patronat, d'Zivilgesellschaft gi regelméisseg ëm hire Rot gefrot, wann et drëms geet, déi verschide Kapitel vum CETA ëmzesetzen. Et gëtt ee spezielle Forum, de CETA Civil Society Forum, Artikel 22.5, gegrennt. D'Vertragsparteien engagéieren sech, fir besonnesch d'Kapitel iwwert d'Aarbecht an d'Émwelt regelméisseg ze iwwerpräieren, fir sécherzestellen, dass dës Dispositione richteg an effektiv ëmgesat ginn.